



CHRÄSCHTLECH-SOZIAL
GEMENGERÉIT

ELO!



*Mat mir...
a menger Gemeng!*

Mat mir... a menger Gemeng!

Problemer erkennen an un Léisunge matschaffen. Dorop kënt et ganz besonnesch an der Gemengepolitik un.

Mir brauchen als Partei Leit, déi bereet sinn unzepaken an sech an der Gesellschaft anzubrénge. Mir brauche Leit, déi bereet sinn, bei de Gemengewahlen unzetrieden a Verantwortung ze iwwerhuelen.

Parteipolitik ass net iwwerall an ëmmer gutt ugesinn. Fir vill Leit ass et duerfir keng Optioun an eng Partei ze goen. - Dëst wëlle mir mat Ärer Hëllef änneren.

Mir wëllen d'Leit fir Parteiaarbecht an den Engagement an der Politik begeeschteren. Dofir dës Campagne. Am Mëttelpunkt sti stellvertriedend Fraen a Männer, déi an hire Gemenge Verantwortung iwwerholl hunn.

Mir brauchen dësen Engagement. Macht mat!

CLAUDE CLEMES
CSG-President

MARC SPAUTZ
Parteipresident

LAURENT ZEIMET
Generalsekretär

CLAUDINE KONSBRUCK, CONSEILLÈRE AN DER STAD LËTZEBUERG

Et geet net duer Politik ze kritiséieren. Wann een eppes beweege wëll, muss een sech selwer asetzen.

Dat maachen ech an der Stad. Zesumme mat menger Equipe maache mir eis staark fir eng sécher, modern Grousstad fir Jonk an Al. Fir eng Stad an der et sech gutt lieue léisst!

D'CSV, dat ass fir mech déi Partei, déi an der Politik ganz allgemeng déi perfekt Mëschung tëschent einzelne konservative Wäerter a progressiven Ideeën an Zukunftsvisionen huet.





YVES WENGLER, BUEGERMEESCHTER VUN IERCHTERNACH

Ee friddlecht Zesummeliewen an enger liewenswäerter Gesellschaft, dat ass besonnesch och an enger Gemeng wichteg. Dofir setzen ech mech als Buergermeeschter an.

Fir eng liewenswäert Gesellschaft opzebauen an ofzeséchere sinn d'Familljen- a Gesellschaftspolitik vun enger grousser Bedeitung. Der CSV hir Positiounen decken sech an dëse Beräicher am wäiteste mat menger perséinlecher Virstellung. Dofir mäin Engagement grad an dëser Partei.

Fir eppes a senger Gemeng ze beweegen, muss ee bereet sinn, sech ze engagieren. Eben och an der Politik, do wou d'Entscheidung fir d'Gemeng geholl ginn.



CHRISTIAN DUBLIN, GEMENGEROT ZU MUNNEREF

Ech identifiziere mech mat menger Gemeng a mat deene Leit, déi do wunnen a liewen. Well ech meng Gemeng gären hunn, ass et mir net egal, wéi si sech an Zukunft weiderentwéckele soll.

D'CSV trëtt a fir eng oppen, tolerant a solidaresch Gesellschaft. Fir eng Gesellschaft an der all Bierger zielt a respektéiert gëtt.

Dat heescht fir mech ganz konkret zum Beispill, datt a bezuelbare Wunraum fir Familljen a virun allem och elengerzéiend Elteren investéiert soll ginn.



ANNIE NICKELS-THEIS, BUERGERMEESCHTESCH ZU BUURSCHEM

Ech si vu Kandheet un an de Veräiner an der Gemeng engagéiert gewiest an duerch mäi Papp, dee Gemengeconseillje war, war ech ëmmer mam politesche Liewen an der Gemeng verbonden.

Ech hu mech fréi fir d'Gemengepolitik interesséiert a wollt selwer aktiv ginn a hu mech politesch engagéiert.

Fir mech war mäin Engagement nëmmen an enger Partei méiglech, an der CSV.

D'Prioritéit an der Gemengepolitik ass et, Problemer ze léisen. All Dossier ass wichteg a muss seriö ugepaakt ginn.



PATRICK ARENDT, GEMENGEROT ZU PÉITENG

Ech sinn ee Mënsch dee gären ënnert de Leit ass. Dat ass de Grond fir mäin Schrëtt an d'Gemengepolitik. Ech wëll selwer dozou bäidroen, datt nei Ideeën eng Chance hunn. Dofir sinn ech viru Joeren an d'Jugendkommissioun gaangen. De Gemengerot ass esou ze soen eng logesch Folleg dovun.

Logesch ass et fir mech och, bei der CSV ze sinn. Ech stinn zu deenen dräi Buschtawe vun dëser Partei; dem C, dem S an dem V. Wéi keng aner Partei spigelt d'CSV eis Gesellschaft erëm. Si steet fir ee multikulturellt Land ouni Extremer an deem jiddereen eescht geholl gëtt a wëllkomm ass.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER, CONSEILLÈRE ZU DIDDELENG

„Jidder Einzelnen zielt“, dëse Motto ass fir mech déi Inspiratioun a menger politescher Aarbecht.

Als Kannerdoktesch kréien ech gutt mat, wou bei de Leit an der Gemeng de Schong dréckt. Als Conseillère probéieren ech dëst Wëssen ze notzen a mech anzesetzen, fir dass Diddeleng eng lieweg, liewenswäert an attraktiv Stad fir Jonk an Al, fir Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger ass a bleift.

An der Gemeengepolitik geet et dorëms, d'Zukunft ze plangen, sief et bei den Diskussiounen iwwert de Bebauungsplang vun der Stad, a Froe vun der Mobilitéit, bei der Organisatioun vun eise Schoulen, awer och, wann et ëm déi finanziell Gestioung geet.



Formationsprogramm : Gemeengepolitik lücht gemaach

Fir déi verschidde Säite vun der Gemeengepolitik kennen ze léieren an sech iwwer de Fonctionnement vun enger Gemeng an d'Erausforderungen an der kommunaler Politik ze informéieren, hu mir ee spezifesche Formationsprogramm opgestallt.

Experten aus de verschiddenste Beräicher, déi fir Gemengen an d'Gemeengepolitik wichteg sinn, leeden d'Coursen an huelen un den Diskussiounen deel.

De Programm start am Januar 2016 a geet iwwer véier hallef Deeg (jeeweils samschdes moies). D'Formatiounen sinn ëmmer vun 9 bis 12 Auer. D'Formatiounen vum 16. Januar, 30. Januar a 20. Februar fannen an der Stad um Belair am Haus vun de Franziskanerinnen (50, Avenue Gaston Diderich) statt. D'Formatioun vum 12. Mäerz fënnt am FNEL Scouten (61a, rue de Trèves -L-2630 Luxembourg – Cents) statt.

F1 /// 16.01.2016 - Aféierung an d'Gemeengepolitik

Wat ass eng Gemeng? Wat sinn d'Aufgabe vun de Gemengen? Wéi funktionéiert d'Zesummespill vu Staat a Gemengen? Dës Froe ginn zesumme mam Charles Lampers, fréieren Distriktskommissär, a Marc Leonhard, fréiere Conseiller am Inneministère, behandelt.



GEMENG
RAMMERICH

TOM ANSAY, GEMENGEROT ZU RAMMERECH

No der Famill an dem Duerf stellt d'Liewen an der Gemeng déi nächst klengsten Eenheet duer, wou ech mech kann asetze fir ee bessert Mateneen.

Mateneen, dat steet fir d'Wärter vun der Partei, an der ech mech engagéieren. Fir Wärter, mat deenen ech mech identifizieren.

Am Gemengerot paken ech eng Hand mat un fir d'Gemeng fir d'Zukunft fit ze maachen. Dobäi geet et och dorëms, Jonk an Al zesummen ze bréngen an eist Wëssen ze deelen.

F2 /// 30.01.2016 - Praktesch Erfahrungen

Am Kader vun enger „Table ronde“ schwätze Gemengemammen a -pappen iwver hir Erfahrungen an der Gemengepolitik. Un der Ronn huelen deel den Emile Eicher, Député-Maire vun der Gemeng Klierf, de Pierre Mellina, Buergermeeschter vun der Stad Péiteng, d'Annie Nickels-Theis, Buergermeeschtesch vun der Gemeng Buurschent, an de Ben Homan, Buergermeeschter vun der Gemeng Schengen. Virgesinn ass eng Introduktioun vum President vun der CSG, dem Claude Clemes.

F3 /// 20.02.2016 - Zäitmanagement

D'Zäit ass ee wichtege Punkt bei all politeschem Engagement. Ganz besonnesch och an der Gemeng. Et ass net einfach Beruff, Famill a Politik ënnert een Hutt ze bréngen. Doriwwer, wéi een sech zäitlech besser organiséiere kann, schwätzt d'Joëlle Letsch.

F4 /// 12.03.2016 - Themenatelieren

De leschte Formatiounsdag ass dee vun de prakteschen Atelieren. A véier Gruppe geet et ëm wesentlech Punkte vun der Politik an der Gemeng.

- Urbanismus mam Michel Wolter, Député-Maire vun der Gemeng Käerjeng
- Soziales an Integratioun mam Jean-Paul Schaaf, Buergermeeschter vun der Stad Ettelbréck
- Ëmwelt mam Robert Leven, Schäffen an der Gemeng Hesper
- Schoul/Maison Relais mam Françoise Hetto, Deputéiert

NATALIE SILVA, SCHÄFFIN AN DER GEMENG FIELS

D'Politik an der Gemeng, dat ass ganz konkret. Et gesäit een direkt, wat Entscheedunge fir d'Leit be-
deiten. Des Proximitéit ass wichteg fir mech.

Besonnenesch bei der Betreuung vun de Kanner an an der Schoul ginn an der Gemeng wichteg Weiche fir
hir Zukunft gestallt. Et ass hei, wou d'Integratioun ueget.

Sech an der Gemeng ze engagéieren ass flott an eng Saach, déi ech net wëllt mëssen.



Gemengepolitik liicht gemaach-Umellungsformular

W.E.G. UMELLEN BIS SPÉITSTENS ZWEE DEEG VIRUN DER JEEWEILEGER FORMATIOUN

F1

F2

F3

F4

Numm _____ Virnumm _____

Adress _____

PLZ _____ Uertschaft _____

E-mail _____ Tel _____

D'Umellung iwwert de gedréckte Formular, iwwert Internet oder per Telefon ass aus organisa-
toresche Grënn obligatoresch, bis zwee Deeg virun der Fomatioun.



CHRËSCHTLECH-SOZIAL
VOLLEKSPARTEI

Mat mir... a menger Gemeng!

EDITEUR

CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI

4, rue de l'Eau /// L-1449 Luxembourg

Boîte postale 826 /// L-2018 Luxembourg

TÉL 22 57 31 1 /// FAX 47 27 16

E-MAIL csv@csv.lu /// SITE csv.lu

